

gen zum Besseren oder zum Schlechte kënnen adaptéiert ginn a bei der Sortie vu Kolpech als Propositionen oder Plan de traitement entweder un d'Equipe ëm den Hausdokter oder d'Equipe an enger Laangzäitstruktur kënnen weidergereecht ginn.

Onofhängeg vum Immobilier schéngen mer dës méi funktionnel Projeten déi wesentlech Avantagé fir de Patient duerzestellen, wat jo och an den Avisé vum Collège médical an dem Statsrot esou aktéiert ginn ass. Et ass effektiv haut esou, an dat ass mer vun deem zu Kolpech aktive Personal bestätegt ginn, dass wuel den Amont an Zesummenaarbecht mat de Spideeler, dat heescht do wou d'Leit hierkommen, gutt funktionnéiert, mä dass d'Pathologien ëmmer méi schwéier a komplex ginn an dass et och ëmmer méi schwéier ass den Aval ze organiséieren; dat heescht, wou d'Patienten hikommen, wann de Séjour zu Kolpech ofgeschloss ass.

Dëst féiert oft zu laangen Openthalter - haut sinn heiansdo Leit bis zu engem Joer zu Kolpech - an doduerch zu engem Blocage vun de Bette fir aner Leit, déi e Rekonvaleszenz-Openthalt néideg hätten. Et geet also besonnesch am Avis vum Statsrot vun enger Période strictement limitée dans le temps Rieds.

Dëst Gesetz ass awer, contrairement zu deem, wat ech bis elo gesot hunn, eigentlech e rengt Finanzementgesetz. Et gétt net an d'Gestioun agegraff an d'Rapportrice huet schonn drop higewisen, dass d'Kommissioun sech eng Rei Froe gestallt huet iwwert de Finanzement vu Kolpech. Wéi bis elo wäerten d'Akten an d'Consultatione vum Personnel de soin a vun den Dokterinnen iwwert d'Krankekeese verrechent ginn, an en aneren Deel vun de Fleegefräis vum der Assurance dépendance gedroe ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, déi lescht Moderniséierung vu Kolpech war 1968. De Projet enthält also menger Meenung no vill méi wéi reng de Finanzement vum Embau. Ouni dësen Embau wäert et awer net méiglech sinn d'Fonctionneeren ze adaptéieren an de leschte Stand vun der Rekonvaleszenz an der Rééducation gériatrique ze bréngen. Kolpech ass eng Success story. Héich motivéiert Personal hëlt ganz besonnesch eeler Matbiirger réeducativ an evaluativ en charge, ouni dass si musse grouss Déplacementeeren oder en Dépaysement op sech huelen. Fir der Fondation also ze erlabe méi modern, méi efficace an engem méi schéine Milieu weiderzeschaffen, dofir wäert d'CSV-Fraktioun dëst Gesetz stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Carlo Wagner. Dierf ech drun erënneren, datt mer no der Diskussioun mat den Ofstëmmungen ufänken? Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

M. Carlo Wagner (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dësse Projet de loi fir de Centre de convalescence vu Kolpech ass e Projet, dee wéi gesot net am Finanzéierungsgesetz vum 21. Juni 1999 virgessinn ass. Et ass en Fait déi drëtt Ännerung, déi mer zu där Loi de financement bréngen, no deenen zwou Ännerunge vum Juli a vum Dezember 2003. Et huet awer en Esprit novateur an deem Sënn, dass dat heite Gesetz wéi gesot guer net an der Loi de financement virgesi war an also als eng Ajoute zu deem Gesetz vun 1999 ze betruechten ass.

(Nuisances sonores dues à des interférences techniques)

Iwwert de Coût ass scho geschwat ginn, e chiffréiert sech op 23,4 Milliounen an dovunner soll wéi gesot de Stat 18,7 Milliounen iwwerhuelen.

Et muss een awer soen, dass de Coût initialement bei wäitem net esou deier war, mä dass en effectivement an d'Luucht gaangen ass, doduerch dass d'Bauzäit, d'Transformationszäite vun ongeféier sechs an en halleft Joer elo op 36 Méint erofgesat si ginn - éischstens; an zweetens dass mer deemools, wéi mer den éischte Projet presentéiert hunn, Contraintë kritt hu vu Sites et Monuments, well effectivement dat heiten Haus jo eng grouss Vergaangenheet huet.

Ech wëll drun erënneren, dass d'Schlass vu Kolpech am 18. Jorhonnert gebaut ginn ass, dass d'Transformationen am 20. Jorhonnert gemaach gi sinn an dass et hei d'Famill vum Emile Mayrisch a vum Aline de Saint-Hubert war, déi effectivement, esou wéi d'Madame Stein éinescht scho gesot huet, hei - ech géif gäre soe grouss europäesch kulturell an intellektuell Gloiren op Lëtzebuerg bruecht huet, woubäi ech beispillsweis wëll drun erënneren, dass do och entre autres den André Gide an och de Stefan Zweig séjournéiert hunn, wat ëmmerhi gutt ass fir e Land wéi Lëtzebuerg.

Dir Dammen an Dir Hären, Här President, et ass wichteg dass hei en neit Gebai entsteet, ganz, ganz einfach, well laang näischt méi un deem Gebai geschafft ginn ass. Déi lescht Transformationen - wéi et hei schonn ervirgeklongen ass - sinn 1968 ënnerholl ginn, a mir kënnen eis alleguerten erënneren un déi - loosse mer dat gentilement nennen - verschidden diffus Attacken, wou op dat Haus virun ongeféier engem Joer lancéiert gi sinn, well verschidde Leit der Meinung waren, dass et net méi den hygienesche Konditiounen oder Exigencë vun dësen Zäite géif entsprechen, wat nëmmen deelweis berechtigt war, mä wat awer drop hiweist, dass effectivement hu missen Amélioratione kommen.

Et geet awer mengen ech bei deem Projet de loi hei an der Esenz net nëmmen ëm Maueren, mä et geet an eisen Aen haaptsächlech ëm Mënschen. Firwat? Well hei an deenen neien Infrastrukturen eng nei Manéier vu Rekonvaleszenz soll kommen, déi och schonn d'Rapportrice, déi honorabel Madame Mutsch, deelweis opgezielt huet. Einfach am Résumé: Et soll e Plan de prise en charge sur mesure an der Convalescence komme fir d'Leit. Et ass beispillsweis awer souguer eng Antenne mobile virgessinn, fir d'Leit an der Geriatrie doheem ze behandelen. Et soll en fait eng Préparation optimale ginn zwëschent dem Openthalt am Spidol an dem Retour au domicile. Et ass och entre autres awer virgessinn, dass beispillsweis verschidde Better - ech menge fënnf Stéck - fir d'grand Soigné reservéiert sinn, an och eng Dosë bis 16 Better fir alleguerten déi Leit, déi Schwierigkeiten hunn, geeschlechter oder anerer, déi do verschidden Défaillancen hunn, wat selbstverständlich och da fir d'Familljen doheem ganz vill Schwierigkeiten mat sech bréngt.

Ganz allgemeng muss ee soen, dass dat heiten en fait soll eng Préparatioun sinn, fir nees kënnen de Manière autonome doheem am Domicile ze liewen. Dat heescht, déi Convalescence thérapeutique, wéi mer et nennen, mengen ech ass op alle Fall onbedéngt ubruecht, hu mer dach an deem Domän hei zu Lëtzebuerg awer nach verschidde Lächer. Ech gesinn dat heiten dee Moment och un als sou genannten Trainingslager fir d'Autonomie zréckzefannen. Ouni Zweifel ass et e wichtige Aspekt, géif ech soen, vun der Prévention vun der Dépendance. Et ass fir eis ganz einfach e sou genannte Moyen zwëschent dem akute Spidol an zwëschent doheem, an aus all deenen Ursaache wäert déi Demokratesch Partei selbstverständlich dee Projet, deen ech op de Wee bruecht hunn, stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Wagner. Den Här Huss huet d'Wuert.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat heiten ass e Projet, deen déi gréng Fraktioun och mat grousser Freed bereet ass matzestëmmen. Mir haten an der Kommissioun iwwert déi verschidden Aspekter dovunner geschwat. D'Madame Rapportrice huet nach eng Kéier den Detail heivunner erkläert. Mir mengen, datt dat e ganz positive Projet ass, an dofir wäerte mer dofir stëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jaerling.

M. Aly Jaerling (ADR).- Also, selbstverständlich wäerte mir och naturellement, effectivement dem Här Wagner säi Gesetz hei stëmmen.

M. le Président.- D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Gesondheetsminister.

M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well an dësem Projet erëm eng Kéier eng ganz grouss Unanimité besteet, wéi ech keng laang Rieden halen, just menger Satisfaktioun Ausdruck ginn, gradwéi den honorabelen Här Carlo Wagner, dass mer ganz schnell deen heite Projet virun d'Parlament konnte bréngen. Well all dat, wat d'Kollegen aus der Chamber gesot hunn, ass richtig.

D'Erhuelungsheem vu Colpech ass eng excellent Struktur. Mä d'Infrastruktur ass an d'Jore komm an entsprécht de Kritären net méi, déi un esou eng Struktur sollen, mussen a kënnen gestallt ginn. Duerfir sinn déi Gelder, déi mer hei fräimache fir - jiddefalls vum Stat - deen heiten Etablissement d'selwecht ze behandele wéi d'Spideeler, an zu 80% ze finanzéieren, dee richtige Schratt.

Ech wëll och ënnersträichen, dass dat Fleegehotel, dat de Centre de convalescence zu Kolpech ass, sech net reng un eng eeler Clientèle riiicht, mä effectivement a précisément, wéi mäi Virgänger gesot hätt, och un aner Patienten, déi aus méi enger schwéierer Krankheet erauskommen an déi eng Erhuelung brauchen. Net ze verwieselen...

(Interruption)

...mat der Rehabilitation. Wann ee vu Rehabilitation ka schwätzen, dann an dësem Fall héchstens vun enger lichter Rehabilitation.

Wat ee vläicht nach eng Kéier kann an Erënnerung rufen, dat ass dass d'Struktur vu Kolpech nom Wëlle vun deene Leit, déi virun dra gewunnt hunn, der Madame Aline Mayrisch de Saint-Hubert, soll jiddfer Mënsch, ob en aiséiert oder manner gutt situéiert ass, zur Verfügung stoen, an dat konnt och an deene fënnf Jorzéngten, wou déi Struktur funktionnéiert, garantéiert ginn.

Ech si frou, dass d'Chamber dat heiten, wéi d'Leit op der Plaz, d'Personal sech ausdréckt, Trainingslager fir d'Autonomie ënnerstëtzt an de feu vert wäert gi fir deen heite Projet.

De Projet, deen doduerch e bësse méi komplizéiert ginn ass, dass Opplage fir d'Erhaltung vum Site do waren an dass eng Zwëschestruktur muss opgeriicht gi fir dass d'Aarbechten a rasonnabelen Délaïe kënnen hannert sech bruecht ginn. An dësem Fall misst déi nei Infrastruktur an dräi Joer zur Verfügung stoen. Wann een net op déi provisoersch Struktur zréckgegraff hätt, da wär et eng Bauzäit vu sechs Joer ginn. Mir wënschen

dem Centre de convalescence vu Kolpech, dass d'Aarbechte schnell kënnen ugoen. Mir jiddefalls hunn eist gemaach fir dat ze erméiglechen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir fänken u mat der Ofstëmmung vum Projet de loi 5345 iwwert d'Spideeler. Den Text steet am Document parlementaire 5345¹.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmmen mat Jo, déi dergéint si mat Neen, déi aner enthalte sech.

De Projet de loi 5345 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Lucien Clement) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel (par Mme Anne Brasseur), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Niki Bettendorf), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helmingier (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

3. 5321 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'une maison de soins à Clervaux (suite)

Dann huele mer den zweete Projet. Dat ass de Projet de loi 5321 «autorisant la participation de l'État à la construction d'une maison de soins à Clervaux». Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de korrigéierten Text vun deem Projet de loi iwwert de Bau vun deem Fleegeheem. Den Text steet am Document parlementaire 5321⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmmen mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

Mme Martine Stein-Mergen (CSV).- Et geet net.

M. le Président.- Madame Stein, Dir konnt net ofstëmmen?

Une voix.- Ech och net!

Mme Martine Stein-Mergen (CSV).- Ah dach!

M. le Président.- Mir huelen dovunner Kenntnis.

Domat ass de Projet de loi 5321 ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Norbert Hauptert) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel (par Mme Anne Brasseur), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Niki Bettendorf), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helmingier (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Carlo Wagner) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

4. 5327 - Projet de loi 1. établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre; 2. créant un fonds de financement des mécanismes de Kyoto; 3. modifiant l'article 13bis de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements (suite)

Da komme mer zur Ofstëmmung vum Projet de loi 5327 iwwert de Protokoll vu Kyoto. Den Text steet am Document parlementaire 5327¹¹.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmmen mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

Mme Martine Stein-Mergen (CSV).- Mäi geet erëm net! Ech kann erëm net ofstëmmen.

M. le Président.- Der Madame Stein hiren Apparat funktionnéiert net.

(Interruptions)

Une voix.- Mäin och net.

M. le Président.- Dat heescht zwee Stéck net. Dir stëmmt mat Oui?

Domadder wier de Projet de loi 5327 ugehall mat 53 Jo- a 7 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-